LU

GEMENGEROT

VUM 27. OKTOBER 2023

Present: de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vun de Punkten 8, 13, 14, goufen eestëmmeg ugeholl.

ËFFENTLECH SËTZUNG

COMMUNICATIONS

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) begréisst all Gemengeconseilleren zur Sëtzung vum 27. Oktober 2023. Den Ordre du Jour gouf am Virfeld verschéckt a gëtt ouni Objektioun ugeholl.

D'Madamm Nathalie Heintz (LSAP) huet d'Wuert. Si war den 23. Oktober 2023 an der „Commissioun de Surveillance" vun der Museksschoul Westen. Et sinn elo 2.506 Schüler ageschriwwen déi verdeelt sinn op 3.840 Coursen. Vun deenen 2.506 Schüler sinn 280 Erwuessener an dat Ganzt ass e plus vun 200 Schüler vis-à-vis vum leschte Joer. E negative Punkt dozou ass dass zanter September schonns erëm 250 Schüler opgehalen hunn. Dat kënnt dohier dass vill Schüler sech am Conservatoire aschreiwen an an der Museksschoul a wann si am Conservatoire ugeholl ginn, ginn si net méi an d'Museksschoul. Et gëtt eng Waardelëscht fir Pianoscoursen dat hänkt och domadder zesummen. E anere Probleem ass och de Manktem un Enseignanten. De 5. September 2023 ass d'Museksschoul och e bëssen iwwerrascht gi vum neien Gesetz vum Inneministère dass d'Enseignanten déi nei agestallt gi mussen d'Sproochecoursen an eisen 3 üblech Sproochen, Däitsch Franséisch a Lëtzebuergesch musse gepackt hunn, mä déi Léit déi de 27. Juli 2023 engagéiert gi sinn hunn déi Konditiounen net erfëllt. D'Museksschoul hätt déi Léit da missten entloossen mä si sinn du bei de Ministère gaangen a kruten e provisoresche Statut soss hätt d'Museksschoul elo nach méi e grousse Manktem u Personal. Zwee Léit hu misste goe well si och net konnten un deene Sproochecoursen deelhuelen. Duerch de Manktem un Enseignantë ginn och keng néi Eveilsklassen op. Si denken eventuell dass den Eveil eréischt bei Kanner vu 6 oder 7 Joer ufänkt oder esou guer nach méi spéit well si keng Enseignantë fannen déi den Eveil ubidden. D'Diplomiwwerreechung soll de 25. Februar 2024 zu Kielen stattfannen, do sollen tëschent 650 - 800 Persoun deelhuelen. Mä da kann et sécher net zu Kielen si well d'Gemeng huet kee Sall deen esou vill Leit kann ophuelen. D'Museksschoul sicht dowéinst eng néi Hall, dat wäert dann zu Nidderaanwen sinn. Fir d'Unzuel vun den Invitéeën ze begrenze wëllen si eréischt ab dem éischten Zykle Diplomer iwwerreechen. D'Bedeelegung vun der Gemeng geet par Rapport vum leschte Joer vu 36,1% op 28,56% zeréck. Fakturéiert ginn der Gemeng 933.174,71€, subsidéiert ginn der 666.700,37 da bleiwen der netto 266.473,63€ fir d'Gemeng déi ze bezuelen si fir dat d'lescht Joer. An der Reunioun vum Leader Zentrum-Westen am grousse Kommitee goufen d'Ofschlossprojete vun der Period 2015-2023 virgestallt, wéi zum Beispill héich qualitativ Wanderweeër, de Landtourismus wou d'Gîten méi ervir gehuewe solle ginn an eng digital Applikatioun mat de Sehenswierdegkeeten. De Leader ass frou dass d'Kielen och matmécht. Am Landtourismus do ginn et néi Iddie wéi de Mini-Wënzer dee mat de Kanner duerch de Wéngert wandert oder e Yoga-Trail. En 3. Projet war d'Biergerbedeelegung vu Garnech wou d'Veräinshaus am Vierdergrond stoung wou d'Bierger konnte mat schwätze wat aus dem Gebai gemaach soll ginn. Beim Haff Schockweiler kéint een och iwwerleeën e Subsid iwwert de Leader ze huelen. Nach e flotte Projet ass en Duerfhotel, dat kéint ee jo villäicht beim Haff Schockweiler virgesinn.

D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP) huet Wuert. Den 18. Oktober 2023 waren am ZARO Walen a de Kommitee setzt sech elo folgendermoossen zesummen: den Här Sammy Wagner, Buergermeeschter vu Stengefort ass de President, den Här Gilles Roth, de Buergermeeschter vu Mamer ass Vizepresident, an d'Madamm Claudine-Deitz ass als 2 Vizepresidentin gewielt ginn. Et war nach eng 3 Kandidatur do mä d'Wal ass op d'Madamm Claudine Meyer-Deitz gefall.

Den Här Guy Breden (CSV) huet d'Wuert. D'Unzuel vun der Kanner an der Spillschoul ass zimlech schnell op eemol vun 120 op 139 eropgaangen. D'Schoulorganisatioun gouf am Mäerz zesummegestallt do war en et nach manner Kanner. Et huet missten elo eng Decisioun geholl ginn. A vu dass e Sall fräi ass an Enseignantë bäikommen ass decidéiert ginn dass eng Klass bäikënnt. Fir et gerecht ze maache goufen d'Klassen nei opgedeelt. D'Opdeelung gëtt esou gemaach dass d'Klassen homogene sinn. De Sigi hat virgëschter déi éischt Versammlung vun der Kommissioun micro-informatique. De Fabio Sousa ass fir d'Gemeng Kielen do an an der Kommissioun gëtt e President an an zwee Vizepresidente gewielt déi enk mam Büro zesummeschaffe fir méi no um Terrain ze sinn. De Büro gëtt eréischt am Dezember gewielt well do all d'Gemeng vertrueden ass a fir all Gemeng muss de Gemengerot een designéieren an et ginn och Circonscriptioun déi 1 proposéieren. Den Här Guy Breden deelt mat dass hien erëm Kandidat ass fir an de Büro ze kommen.

Den Här Marc Bissen (LSAP) huet d'Wuert. Bei der éischter Sëtzung vum Kommitee vum SICONA gouf den Här Marc Bissen (LSAP) als neie President gewielt. Vun deenen 29 Gemengen déi Member am SICONA Südwest sinn, sinn dëst Kéier 14 nei Delegéierter am Kommitee dobäi. De Büro setzt sech folgendermoossen zesummen: d'Madamm Monique Smit-Thijs vu Bartreng, den Här Gaston Anen vu Suessem, den Här Eugène Kemp vu Käerch, den Här Nicolas Hirsch vu Beetebuerg, den Här Gaston Braun vu Bitburg an den Här Roger Negri vu Mamer. Et sinn am ganze 7 Memberen. Dat wat e wichtegen Aspekt ass ass dass de administrative Setz sech zu Ollem befënnt an den techneschen Hall zu Kielen. Den Naturschutz an der Gemeng ass wichteg an den Här Marc Bissen (LSAP) ass frou dass hien net nëmme kann do matmaache mä och do matgestalten.

Den Här Guy Kohnen (CSV) huet d'Wuert. Am SICA war och d'Versammlung fir Zesummestellung vun de Memberen. Alen a neie President ass den Här Luc Feller vu Mamer, den Här Youri De Smet vu Bartreng an den Här Guy Kohnen (CSV) si Vizepresident. Vum neie Recyclingszenter dee geschwë wäert gebaut gi wäerte ronn 1/3 vun de Käschte vum Ëmweltministère subsidéiert

ginn. D'Statistike vum Office social Mamer (OSCM) sinn erakomm, d'Zuel vun den Demandeuren ass relativ staark eropgaangen, an zwar 23%. Bei der Gemeng Kielen mécht et 4% aus. Den OSCM ass zoustänneg fir 40.000 Awunner a mir sinn awer als Gemeng Kielen déi Gemeng déi déi zweet niddregt Unzuel vun Demandeuren huet, déi niddregst Unzuel huet d'Gemeng Reckeng op der Mess. Vun deenen 30.942 Demandeuren déi Hëllef ufroe sinn 33% Lëtzebuerger. De Budget ass scho presentéiert gi mä wäert awer eréischt am November gestëmmt ginn. Do wäerten d'Participatioune vun deenen eenzele Gemengen eropgoen, well den OSCM ass jo an nei Lokalitéite geplënnert an zwar um Hireknapp an do ass e Loyer ze bezuelen dee wesentlech méi héisch ass. D'Fraise gi jo bekanntlech gedeelt d'Hallschent iwwerhëlt de Familljeministère an déi aner Hallschent d'Gemengen déi Member sinn. De Projet vun der Gestion-locative social gëtt integral vun de Gelder vun der Œuvre Grand-Duchesse Charlotte finanzéiert. Déi 6 Sozialwunnengen hannert der Gemeng gi ganz vun der nationaler Lotterie finanzéiert.

Den Här Romain Kockelmann (CSV) huet d'Wuert. De Kommitee ass am SIDOR zesummekomm fir sech en neie Büro zesummen ze wielen. Et si 5 Kandidature fir 4 Posten an dem Büro erakom, do sinn der Rei no gewielt: den Här Gilles Roth, d'Madamm Lydie Polfer, den Här Lou Linster an der André Zwally. Den Här Patrick Goldschmidt ass eestëmmeg als President gewielt ginn. Innerhalb vum Büro vum SIDERO gouf den Här Abby Toussaint eestëmmeg als President gewielt. Et goufe 6 Kandidature fir 4 Posten agereecht. Et gouf a folgender Reiefolleg gewielt: den Här Romain Kockelmann (CSV), den Här Paul Mangen, den Här Fernand Muller an den Här Roger Negri. Deemno kënnen déi zwee Büroen an déi 2 Kommiteee gutt zesummeschaffen.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) huet d'Wuert. Nom Gemengerot huet de Leader an den ORT eng gemeinsam Presentatioun an de Fabio kënnt d'Applikatioun vun der Gemeng presentéieren. Uschléissend geet de Gemengerot de Gemengenatelier visitéieren.

1. Nottärsakten / Compromisen

1.1. Compromis fir den Akaf vu Parzellen an zu Keespelt , Uert „rue Durenthal"

De Gemengerot approuvéiert de Compromis vum 04. Oktober 2023 laut deem d'Gemeng Kielen de Konsorten Peller d'Parzell n°484/278, Trottoir, vun enger Surface vu 1,12 Ar, an d'Parzell n° n°484/3577, Trottoir, vun enger Surface vu 0,05 Are, allen zwou geleeën an der Sektioun E de Keespelt a Meespelt, Uert „rue Durenthal" ofkeeft. Dës Vente erfollegt géint a fir en Eenheetspräis vun 1.000,00€ den Ar, soit 1.120,00€ +50,00€ = 1.170,00€ statt.

1.2 Nottärsakt iwwert en Echange vu Parzellen geleeën um Uert „rue d'Olm zu Nouspelt (FMC PROMOTIONS S.à.r.l.)

De Gemengerot approuvéiert en Notairesakt iwwert den Echange n°9291 deen den 13. Oktober 2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Gesellschaft FMC PROMOTIONS S.à.r.l., vertrueden duerch den Här Max Maret ugestallt an der Gesellschaft, deen den Här Maurice Elz, Administrateur vu Gesellschafte vertrueden huet, ënnerschriwwe gouf. Dësen Akte betrëfft den Echange vun de Parzellen, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ageschriwwe sinn, n°268/5117, fréier war et en deel vun der Parzell n°269/4961, Trottoir, vun enger Surface vu 0,01 Ar ; n°269/5120, fréier war et en Deel vun der Parzell n°269/4961, Trottoir, vun enger Surface vu 0,04 Ar ; n°269/5127, Trottoir, fréier war et en Deel vun der Parzell 269/4961, Trottoir, vun enger Surface vu 0,08 Ar, dës befannen sech all um Uert „rue d'Olm" a gehéieren der Gesellschaft FMC PROMOTIONS S.à.r.l. géint d'Parzellen n°55/5110, Plaz, mat enger Surface vu 0,03, n°55/5111, Plaz, mat enger Surface vu 0,01 Ar ; n°268/5115, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 ; 268/5116, Plaz mat enger Surface vu 0,03 Ar ; n°269/5121, Plaz, mat enger Surface vu 0,06 Are ; n°269/5122, Plaz mat enger Surface vu 0,06 Are ; n°269/5123, Plaz mat enger Surface vu 0,02 Are, dës Parzelle befannen sech och all um Uert „rue d'Olm", Sektion C de Nospelt a gehéieren der Gemeng. Dësen Echange fënnt statt fir Emprisen ze regulariséieren nom Lotissement vun Terrainen zu Nouspelt an der „rue d'Olm".

2. Integratiounskommissioun – Demissioun vun engem Member

A senger Sëtzung vum 22. September 2023, huet de Gemengerot d'Membere vun der Integratiounskommissioun gestëmmt. Den 02. Oktober 2023, huet d'Madamm Sahar Azari der Gemeng e Bréif zoukomme gelooss andeem Si matdeelt dass si aus der Integratiounskommissioun demissionéiert. Deemno approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun wärend dëser Sëtzung. D'Integratiounskommissioun setzt sech lo folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	KOCH Natacha	CSV
2	DOS SANTOS PEREIRA MACIEL Paula	CSV
3	AZEVEDO PIRES Sylvie	CSV
4	MOLITOR Max	LSAP
5	BLEI Joël	LSAP
6	REGNO Massimo	DP
7	ÇIÇEK Özgür	déi gréng
8	IGUERB Ourida	neutre
9	BENNETT Neil	neutre
10	LANNERS Marc	neutre
11	WALCH Emile	neutre
12	LUSANGA Joseph	neutre
13	SCHAACK-FELTEN Martine	neutre
1 suppl.	HIENCKES Corinne (suppléant)	neutre
2 suppl.	WAGENER Yolande (suppléant)	neutre

3. Konschtgalerie bei der Kierch – Ernennung vun de Memberen

No de Wale vum 11 Juni 2023, muss de Buergermeeschter oder säin Delegéierten als President vum Gestiounscomité e Member vun all am Gemengerot vertruedener Partei an des President oder säin Delegéierte vun der Kulturkommissioun gestëmmt ginn. An der Sëtzung vum Schäfferot vum 13 September 2023 ass den Här Matias Trigo Afonso als Delegéierter vun der Funktioun vum President vum Kommitee vun der Konschtgalerie „Bei der Kierch" genannt ginn. Dozou kënnt dass d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz hire Wëlle matdeelt huet fir Member vum Kommitee ze ginn als Presidentin vun der Kulturkommissioun. No engem geheime Vott, stëmmt de Gemengerot 6 Membere vum Kommitee, an zwar de President, ee Member vun all am Gemengerot vertruedener Partei, an d'Presidentin vun der Kulturkommissioun. De Gestiounscomité setzt sech also folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom		Localité	Fonction
1	MATIAS TRIGO Afonso	délégué	L-8393 Olm	Président
2	SCHROEDER Chantal	CSV	L-8285 Kehlen	Membre
3	MAAS Marc	LSAP	L-8283 Kehlen	Secrétaire
4	REGNO Massimo	DP	L-8342 Olm	Membre
5	ÇIÇEK Canan	déi gréng	L-8340 Olm	Membre
6	NOESEN-HEINTZ Nathalie	Présidente de la commission consultative communale des Affaires culturelles	L-8295 Keispelt	Membre
Nomination comme membres „indépendants“ pendant la période du 1er janvier 2021 jusqu'au 31 décembre 2026				
7	FINCK Simone	neutre	L-8390 Nospelt	Membre
8	vacant	neutre	/	Membre
9	vacant	neutre	/	Membre
10	vacant	neutre	/	Membre

4. Modifikatioun vum Taxereglement bezüglech der Gestioun vun de Offäll

De 6. September 2023 huet de SICA de Gemengen hier Propositioun fir déi nei Präisser bezüglech der Gestioun vun den Offäll déi ab dem 01. Januar 2024 ze applizéieren si zoukomme gelooss well déi Taxen déi zur Zäit vun de Gemengen agedriwwe ginn net méi duer gi fir d'Syndikatskäschten ze couvréieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot d'Modifikatioun vum Taxereglement bezüglech der Gestioun vun den Offäll.

5. Modifikatioun vum Taxereglement bezüglech dem Drénkwaasser

Normalerweis missten d'Recettë vun den Taxe bezüglech dem Waasser duergoe fir Déngschter déi mat der Notzung vum Waasser zesummenhänken ze decken, wa mir Récksiicht op Grondsätz vum „l'utilisateur-payeur“ a „pollueur-payeur“ huelen. Wat awer bei wäitem net méi de Fall ass fir d'Gemeng Kielen. D'Tabelle fir d'Berechnungen déi vum Inneministère a vun der ALUSEAU ausgeschafft goufen, erlaben de Präis vum Drénkwaasser an de Präis vun der Evakuéierung an der Sanéierung vun de Gewässer ze chiffréieren. Deemno leet de Gemengerot déi nei Tax fir Drénkwaasser dat aus den ëffentleche Waasserkanäl kënnt an déi ab dem 01. Januar 2024 applizéiert gëtt fest.

6. Modifikatioun vum Gemengereglement bezüglech der Sanéierung vun de Gewässer

De 5. Abrëll 2011, huet de Gemengerot e Reglement bezüglech der Sanéierung vun Terrainen a vum Uschloss un Kanalisatioun gestëmmt. Dëst Reglement gouf den 23. Januar 2012 vum Inneministère mat der Referenz 19/12/CAC approuvéiert. De Gemengerot approuvéiert wärend dëser Sëtzung d'Modifikatioun vun dësem Reglement.

7. D'Festleeë vun Taxe vum Ofwaasser

Et ass wichteg ze wëssen dass Taxe vum Ofwaasser dozou déngen d'Käschte vun den Déngschter déi mam Ofwaasser ze dinn hunn ze decke wa mir Récksiicht op d'Grondsätz „l'utilisateur-payeur“ a „pollueur-payeur“ huelen. Wat awer bei wäitem net méi de Fall ass fir d'Gemeng Kielen. D"Tabelle fir d'Berechnungen déi vum Inneministère a vun der ALUSEAU ausgeschafft goufen, erlaben de Präis vum Drénkwaasser an de Präisser vun der Evakuéierung an der Sanéierung vun de Gewässer ze chiffréieren. Deemno leet de Gemengerot déi nei Tax fir d'Ofwaasser dat aus den ëffentlechen Ofwaasserkanäl kënnt an déi ab dem 01 Januar 2024 applizéiert gëtt fest.

8. Ofschafe vun der Tax fir d'Andreiwe vun de Schold

Den Här Serge Harles, Receveur vun der Gemeng, begéint Ongerechtegkeete wa Prozedure vum Andreiwe vun de Scholde bis viru Gericht komm sinn an zwar huet deen ee Riichter beschloss dass déi eng Leit déi 10€ déi am Taxereglement festgeluecht sinn hu misste bezuelen an déi aner net. Fir deenen Ongerechtegkeeten aus dem Wee ze goe beschléisst de Schäfferot a senger Sëtzung vum 04. Oktober 2023, op Propositioun vum Receveur, déi Tax fir d'Andreiwe vun de Scholden ofzeschafen. Deemno decidéiert de Gemengerot dës Tax an Héicht vun 10€ déi den 01. Januar 2014 agefouert gouf ofzeschafen.

9. Konventioun bezüglech der Pos vun engem Kanal fir Reewaasser an der ZAE zu Kielen

D'Konventioun bezüglech der Pos vun engem Kanal fir Reewaasser gouf den 29. September 2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Gemengerot, an der Gesellschaft „West-Immo“, vertrueden duerch d'Affekotin Catherine Dessoy an den Affekot Victor Elvinger ënnerschriwwen. Unhand vun dëser Konventioun gëtt d'Gesellschaft „West-Immo“ der Gemeng d'Erlabnis dëse Kanal fir Reewaasser entspriechend dem Plang (K-P103A, Code 14/104) ze verleeën. Dës Kanäl lafen duerch d'Parzell n°2946/6979, Sektioun A vu Kielen, geleeën um Uert „Zone d'Activités Économiques“ déi der Gesellschaft West-Immo gehéiert. De Gemengerot approuvéiert dës Konventioun.

10. SEA Familljendag – Don un d'Wonschkutsch ASBL

Unhand vum Decompte dee vum Här Harles Serge, Receveur vun der Gemeng, den 20. Oktober 2023 opgestallt gouf bezüglech dem „Familljendag 2023 - Maison Relais Parascolaire“ kann en Iwwerschoss vun 819,57€ festgestallt ginn. D'SEA proposéiert dës Fongen der Wonschkutsch ASBL ze spenden. Doropshi beschléisst de Schäfferot dëse Montant op 1.000€ ze erhéije wat mat sech bréngt dass d'Gemeng e Subsid vun 180,43€ fléisse lisst. Deemno approuvéiert de Gemengerot de genannten Decompte a fir de Montant op 1.000€ ze erhéijen fir dass d'Gemeng e Subsid vun 180, 43€ ka fléisse loossen.

11. Run for Fun Kielen – Fondation Kriibskrank Kanner – Subsid

D'Madamm Streitz Patricia, déi Lafcourse an der Gemeng ubitt, huet bei der Gemeng am Kader vun der Course „Lëtz Go Gold“, déi den 23. September 2023 stattfonnt huet a vun der „Fondatioun Kriibskrank Kanner“ organiséiert gouf, eng finanziell Ënnerstëtzung gefrot. Déi Course gouf mam Zil organiséiert fir esou vill wéi méi méiglech Spenden ze sammele fir d'Fuerschung vum Kriibs bei de Kanner ze ënnerstëtzen. Vu dass déi Course zu deem Zäitpunkt schonns eriwwer war wéi den Don sollt ausbezuelt ginn huet de Schäfferot beschloss déi 125€ un d'„Fondatioun Kriibskrank Kanner“ ze spenden. Deemno approuvéiert de Gemengerot dëse Subsid.

12. Verschidde Subsiden

De Schäfferot proposéiert 5 Subside vun 125€, also e Gesamtwäert vu 625€ am drëtten Trimester am Joer 2023 ze spenden. Deemno spent de Gemengerot u folgend national an international Hëllefsorganisatiounen déi innerhalb vum drëtten Trimester eng Demande agereecht hunn:

13. Punktuell Modifikatioun vum PAG / PAP QE – 9, rue de Keispelt zu Kielen

Dës punktuell Modifikatioun vum PAG baséiert op enger Decisioun vum Amtsgeriicht n°48322 vum 13. Juni 2023 déi d'Gemeng ustellt d'Konstruktioun op der 9, rue de Keispelt zu Kielen an d'Kategorie „gabarit d'une construction existante à préserver" op der Parzell 1951/5354 ze reklasséieren. Dës punktuell Modifikatioun betrëfft Parzellen déi net vun enger Emwëltschutzzon betraff sinn oder kee Biotop virweisen de muss erhale bleiwen oder kompenséiert ginn. De Gemengerot approuvéiert dëse Projet vun enger punktueller Modifikatioun vum PAG / PAP QE – 9, rue de Keispelt zu Kielen deen op Initiativ vum Schäfferot vum Ingenieursbüro Luxplan S.A. vu Contern ausgeschafft gouf.

14. Punktuell Modifikatioun vum PAG-PAP-QE – Am Aker zu Kielen

Dës Ufro vu der punktueller Modifikatioun vum PAG betrëfft eng punktuell Modifikatioun vum grapheschen Deel vum PAG deen a Kraaft ass a concernéiert 17 Parzelle vun der Sektioun A vu Kielen an zwar Parzellen n°2216/173, n°2214/7380 (deelweis), n°2204/7430, n°2210/7434, n°2209/7432, n°2209/7431, n°2210/7433, n°2212/7378, n°2204/7429, n°2213/5824, n°2206/6003, n°2209/4317, n°2212/7379, n°2212/7381, n°2129/7445, n°2128/7443 et n°2125/7440. Bei dëser Modifikatioun handelt et sech ëm d'Ofgrenzung vun der Zon déi zum PAP-NQ „Am Aker" gehéiert fir déi beschtméiglechst Konditioune fir de S-Building ze schafen. Dozou kënnt dass verschidde Partië vun dësem Site sollen zum PAP-QE gehéieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot dës punktuell Modifikatioun vum PAG vun der Gemeng Kielen déi op Ufro vum Schäfferot vum Ingenieursbüro Luxplan S.A. vu Contern ausgeschafft gouf.

15. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

5 dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot sinn nodréiglech confirméiert ginn. Et handelt sech ëm d'Reglementatioun vum Verkéier an der rue de Kehlen an an der rue de Mersch fir Bauaarbechte fir d'Post, Aarbechte fir den Uschloss un d'Verdeelungsnetz an der rue de Roodt zu Nouspelt, Aarbechte fir e Bushaischen zu Ollem ze réckelen ; Aarbechte fir den Uschloss un d'Kanalisatioun vun de Gebäier n°24 & 24A zu Nouspelt.

GESCHLOSSE SËTZUNG

16. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA) / Schoultransport – Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot beschléisst d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales, vun därzäit 13,33 Stonnen an der Woch op 16 ab dem 01. Januar 2024

17. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA) / Schoultransport – Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot beschléisst d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales, vun därzäit 13,33 Stonnen an der Woch op 16 ab dem 01. Januar 2024

18. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA) / Schoultransport – Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot beschléisst d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales, vun därzäit 13,33 Stonnen an der Woch op 16 ab dem 01. Januar 2024

19. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA) / Schoultransport – Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot beschléisst d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales, vun därzäit 13,33 Stonnen an der Woch op 16 ab dem 01. Januar 2024

20. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Decisioun iwwert d'Klassement vun engem Gemengenemployé vum Service vun de Finanzen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

De Gemengerot beschléisst de Gemengenemployé vum Service vun de Finanzen an de Grad 8, Echelon 9 mat 275 Punkten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ ze klasséieren.

21. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA) – Decisioun iwwert d'Klassement vun engem Gemengenemployé der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot beschléisst de Gemengenemployé an de Grad 9, Echelon mat 230 Punkt an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales ze klasséieren.

Scannez-moi pour lire la version française du conseil communal